

ments des fonctionnaires de l'État; 11. éta- blissement de la participation du Grand- Duché du Luxembourg aux Fonds carbone de la Banque Mondiale et de la Banque Eu- ropéenne pour la Reconstruction et le Dé- veloppement

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Pre- mier Ministre, Ministre d'État, le 18.09.2006

14. **5612** - Projet de loi modifiant la loi mo- difiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base élective

Dépôt: Monsieur Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 20.09.2006

15. **5613** - Projet de loi portant approbation - du Septième Protocole additionnel à la Constitution de l'Union postale universelle; - des amendements au Règlement général de l'Union postale universelle, à la Con- vention postale universelle et à son Protocole fi- nal; - des amendements à l'Arrangement concernant les services de paiement de la poste; signés au Congrès postal universel de Bucarest, le 5 octobre 2004

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 20.09.2006

16. **5614** - Projet de loi autorisant la partici- pation de l'État à la transformation et à la modernisation des Ailes Centrale et Cité du Centre intégré pour personnes âgées de la Fondation Pescatore

Dépôt: Madame Marie-Josée Jacobs, Mi- nistre de la Famille et de l'Intégration, le 21.09.2006

17. **5615** - Projet de loi portant: 1. transpo- sition de la Directive 2002/14/CE du Parle- ment Européen et du Conseil du 11 mars 2002 établissant un cadre général relatif à l'information et la consultation des tra- vailleurs dans la Communauté européenne; 2. modification des Titres I et II du Livre IV du code du travail

Dépôt: Monsieur François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, le 05.10.2006

18. **5616** - Projet de loi relative aux fonds d'investissement spécialisés et portant - abrogation de la loi du 19 juillet 1991 rela- tive aux organismes de placement collectif dont les titres ne sont pas destinés au pla- cement dans le public; - modification de la loi modifiée du 20 décembre 2002 relative aux organismes de placement collectif; - modification de la loi du 10 juillet 2005 rela- tive aux prospectus pour valeurs mobilières; - modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajou- tée

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 05.10.2006

19. **5617** - Proposition de loi portant modi- fication de la loi du 23 juin 1972 sur les em- blèmes nationaux, telle qu'elle a été modi- fiée

Dépôt: Monsieur Michel Wolter, le 05.10.2006

20. **5600** - Projet de loi concernant le bud- get des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 11.10.2006

3) En date du 17 juillet 2006 fut remise par les «Sportfëscher vum Stauséi» la pétition N°273 relative au libre accès au barrage.

4) Par lettre du 20 septembre 2006 Mon- sieur le Député Carlo Wagner a informé le Président de la Chambre qu'il désire inter- peller le Gouvernement au sujet de l'évolu- tion future du secteur vitivinicole.

5) Par lettre du 6 juillet 2006, le Secrétaire général du Parlement européen a fait par- venir au Président de la Chambre le texte des documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de ses- sion du 12 au 15 juin 2006:

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'ac- cord entre la Communauté européenne et la Bosnie-et-Herzégovine concernant cer- tains aspects des services aériens;
- position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion, au nom de la Communauté européenne, du pro- tocole de la convention alpine sur l'agri- culture de montagne;

- position sur la proposition de décision du Conseil sur l'adoption, au nom de la Com- munauté européenne, du protocole sur la protection des sols, du protocole sur l'énergie et du protocole sur le tourisme de la convention alpine;

- résolution sur la situation des prisonniers à Guantánamo;

- résolution sur les conséquences de l'arrêt de la Cour du 13 septembre 2005;

- résolution sur les étapes futures de la pé- riode de réflexion et d'analyse sur l'avenir de l'Europe;

- résolution sur le sommet UE-Russie qui s'est tenu à Sochi le 25 mai 2006;

- résolution sur les armes légères et de pe- tit calibre, dans la perspective de la Conférence de 2006 chargée de revoir le programme d'action des Nations Unies destiné à prévenir, combattre et éliminer le commerce illicite des armes légères et de petit calibre sous tous ses aspects et vers l'élaboration d'un traité international sur le commerce des armes.

D'autre part, le Parlement européen a adopté le document suivant:

- résolution sur les délibérations de la com- mission des pétitions au cours de l'année parlementaire mars 2004 - décembre 2005.

Par lettre du 9 octobre 2006 il lui a encore fait parvenir le texte des documents adop- tés au cours de la période de session du 4 au 7 septembre 2006:

- position sur la proposition de décision du Conseil concernant l'approbation, au nom de la Communauté européenne, de la convention de Rotterdam sur la procé- dure de consentement préalable en connaissance de cause applicable à cer- tains produits chimiques et pesticides dangereux qui font l'objet d'un commerce international;

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion de l'ac- cord de partenariat dans le secteur de la pêche entre la Communauté européenne et l'Union des Comores;

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion de l'ac- cord de partenariat dans le secteur de la pêche entre la Communauté européenne et la République des Seychelles;

- position sur la proposition de décision du Conseil et de la Commission concernant la conclusion de l'accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République d'Albanie, d'autre part;

- résolution sur les relations UE-Chine;

- résolution sur la situation au Moyen- Orient;

- résolution sur la suspension des négocia- tions sur le programme de Doha pour le développement;

- résolution sur la participation du Parle- ment européen aux travaux de la Confé- rence de La Haye à la suite de l'adhésion de la Communauté;

- résolution sur la protection du patrimoine naturel, architectural et culturel européen dans les zones rurales et les régions insu- laires.

4. Retrait du rôle des affaires du projet de loi 5241

An hirer Réunion vum 4. Oktober huet d'Präsidentekonferenz sech mat der De- mande vun der Regierung averstanen erkläert, fir de Projet de loi 5241 iwwert d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz vum Rôle sträichen ze loosser.

Ass d'Chamber heimadder d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5012, eng Konventioun iwwert d'Voluntariat. D'Rie- dezäit ass nom Basismodell festgelegt. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Bettel, d'Madame Dall'Agnol an den Här Adam. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madame Marie- Josée Frank. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

5. 5012 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne sur la promotion d'un service volontaire trans- national à long terme pour les jeunes, faite à Strasbourg, le 11 mai 2000

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeu- nesse

» Mme Marie-Josée Frank (CSV), rapportrice.- Merci, Här President. Dir Dam- men an Dir Hären, haut schwätze mer iwwert de Gesetzesprojet 5012, deen d'Con- vention européenne sur la promotion d'un service volontaire transnational à long terme pour les jeunes unhëlt, déi den 11. Mee 2000 zu Stroossbuerg ënnerzeechent ginn ass.

Och wann dës Konventioun scho méi wéi sechs Joer al ass, wäert de Grand-Duché dat éischt Land sinn, dat se approvëiert. Fir datt d'Konventioun awer kann a Kraaft treden, mussen op d'mannst fënnf EU- Länner ratifizéiert hunn.

De Grond fir dëse Retard vun der Approba- tioun ass, datt d'Majoritéit vun den EU-Mem- berlänner schonn zënter Joren esou e Ser- vice volontaire garantéieren.

Éier ech am Detail op déi Konventioun aginn, denken ech, datt et wichteg ass fir kuerz ze erklären, wat gemengt ass mat deem Service volontaire.

De Comité Directeur Européen pour la co- opération intergouvernementale dans le do- maine de la Jeunesse, kuerz CDEJ, gëtt fol- gend Definitioun: Beim Service volontaire handelt et sech ëm e Léierprozess, souwuel vun deene Fräiwëllege wéi och vun deene Leit, déi mat hinne schaffen. Duerch dëse fräiwëllege Service ginn d'Jugend an d'Ins- titutione méi an d'Aschaffe vun neien inno- vativen Iddien agebonnen an hëllefen do- mat vläicht, fir eng méi gerecht Gesellschaft ze schafen, duerch Projeten, déi deenen neie Bedierfnisser nokommen an déi och nei Perspektiven an déi traditionell Aarbecht afléisze loosser. Dowéinst huet de Service volontaire d'Roll vun engem Katalysator an ass fir all Jonk zougänglech.

D'Iddi fir dës Konventioun auszeschaffen ass schonn 1995 zu Lëtzebuerg gebuer, während enger informeller Réunion vun den europäesche Ministeren, déi responsa- bel si fir de Beräich vun der Jugend. D'Mi- nistere ware sech do eens, datt ee misst e Statut an eng Konventioun vu jonke Fräiwël- lege schafen. D'CDEJ huet doropshin e Pro- jet ausgeschafft an och déi grad genannten Definitioun vum Service volontaire ginn.

Op EU-Niveau sinn d'Aktivitéite vum Service volontaire 1995 an de Programm „Jeunesse pour l'Europe“ integréiert ginn. 1996 ass d'Action pilote Service Volontaire Européen un d'Rulle komm an zwee Joer méi spéit, op Basis vum Artikel 126 vum Traité, ass d'Ent- scheidung gefall fir de Programme d'action communautaire Service Volontaire Euro- péen ze schafen. Sait Mee 2000 ass de Ser- vice Volontaire Européen (SVE) mat abe- zunn an dëse Programm.

Op nationalem Plang ass hei an der Cham- ber schonn de 16. Dezember 1998 e Projet de loi iwwer e fräiwëllegen Déngscht uge- holl ginn. Saitdeem gëtt et am Grand-Duché en adequat Gesetz, datt op d'Froen an dë- sem Beräich ageet. Vu datt den nationalen Text absolut am Aklang steet mat dem Text vun der Konventioun, gëtt et hei kee Grond fir dëse Projet de loi net unzehuelen.

D'Konventioun huet schonn eng ganz grouss Bedeitung. Och wa se vum Conseil de l'Europe beschloss ginn ass, esou ass se op fir all Memberland vun der Convention culturelle européenne. Si associéiert also souwuel Jonker aus den EU-Memberlänner wéi och aus den Netmemberlänner a soll dozou bäidroen, fir d'soziaalt Engagement an d'Solidaritéit vun deene Jonken ze stäer- ken a se un d'europäesch Iddi ze bannen. Et sinn dës jonk Leit, déi an e puer Joer wäerten iwwert d'Zukunft vun Europa déci- déieren. Dowéinst ass et enorm wichteg, datt mir se elo fir d'Thema an d'Bedeitung vun Europa sensibiliséieren.

Esou ee Service volontaire an engem anere Land erweidert den Horizont vun deene jonke Leit a léiert se d'Scheiheet virun deem Frieme verléieren a si ginn och méi tolerant an oppe fir aner Leit a Kulturen.

D'Convention européenne sur la promotion d'un service volontaire transnational à long terme fir déi Jonk gesäit vir, datt an all Land e Koordinatiounsorgan gewielt gëtt. Bei eis zu Lëtzebuerg mécht dat scho seit Joren de Service nationale de la Jeunesse. Déi

leeschte ganz gutt Aarbecht, an ech wëll deenen och hei op dëser Plaz en härz- leche Merci ausschwätzen.

Ech wëll hei nach kuerz op e puer praktesch Aspekter vum Service volontaire agoen. D'Konventioun gesäit eng Dauer vun dräi Méint bis ee Joer vir. D'Lëtzebuerger Ge- setz kann awer am Spezialfall a mat gudder Begrënnung eng maximal Dauer vun 18 Méint accordéieren. Laut Konventioun sol- len déi Fräiwëlleg tëschent 18 a 25 Joer al sinn. Och hei geet d'Lëtzebuerger Recht méi wäit a gesäit eng Derogatioun vir, esou datt den Alter vu 25 Joer dierf iwwerschritt ginn. 27 Joer si bei eis awer en absolute Maximum. De Mindestalter läit zu Lëtze- buerg bei 16 Joer. Déi, déi de Service am Ausland kënnen maachen, mussen awer voll- jährig sinn.

Dat nationaalt Gesetz erlaabt et nëmmen den ONGen, den Accueil vun deene Jonken ze organiséieren. D'Konventioun setzt op deem Punkt awer keng Limiten, esou datt een hei méi eng grouss Ouverture am Sënn vun der Konventioun wäert hunn.

Här President, erlaabt mer zum Schluss nach e puer Zuelen a praktesch Informa- tiounen ze ginn. Wann et 1999 nëmme véier Jonker - zwee Jongen an zwee Meedercher - waren, déi an d'Ausland gaange sinn, esou waren et der 2005 scho 14 - véier Jon- gen an zéng Meedercher. An do war och eent aus menger Gemeng dobäi.

Zënter 1997 hunn am Ganzen 104 Jonker aus dem Grand-Duché hire Service volon- taire am Ausland gemaach. Dovunner wa- ren der 45 Jongen an 59 Meedercher. Als Pays d'accueil war Frankräich am beléifsts- ten. Et sinn awer och aner europäesch No- peschländer gewielt ginn.

Ech mengen, et ass wichteg, datt een déi Jonk sensibiliséiert fir ebe vun dësem Ser- vice ze profitéieren, well wéi ee Jugend- leche wëllt net d'Welt bereesen, friem Kul- ture kenne léieren, Land a Leit esou kenne léieren, wéi se a Wierklechkeet sinn? Vun dem Ëmweltschutz iwwert d'Kultur, Kanner- a Seniorebetreuung, Sport a Katastrophe- schutz kënnen Jugendelechter sech e Projet auswielen. Fir datt si sech awer net eleng gelooss spieren, kënnen si och iwwer e Men- tor verfügen, deen hinnen zur Verfügung gestallt gëtt, wa si Problemer hunn.

Ervirhiewe wëll ech awer och nach, datt dee ganzen Openthalt gratis ass an datt och eng Assurance d'Sécherheet garantéiert. Och ass e klengt Täschegeld virgesinn; dat ass awer vu Land zu Land ënnerschiddlech. Den Duerchschnitt läit bei 160 Euro.

De Grand-Duché gëtt awer och ëmmer méi beléift als Pays d'accueil. An deene lesch- ten zéng Joer hunn 157 Jonker de Wee op Lëtzebuerg fonnt fir de Service volontaire. Déi Jonk sinn aus ville Länner bei eis komm, dee gréissten Deel awer aus Däitschland, an duerno Frankräich.

Fir datt dëse positiven Trend weidergeet, bieten ech lech, dëse Projet de loi ze stëm- men. Ech erënneren nach drun, datt dëse Projet den 9. Juli 2002 scho vum Conseil d'État aviséiert ginn ass; datt mer en den 23. Mee vun dësem Joer an der Familie- kommissioun diskutéiert hunn an datt de 26. Juni de Rapport presentéiert an ugeholl ginn ass. Domadder hoffen ech, Dir Dam- men an Dir Hären, dass dëse Projet de loi Är Zoustëmmung fënnt a ginn och den Ac- cord vu menger Fraktioun.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Frank. Als éischte Riedner ass ageschriw- wen den honorabelen Här Bettel.

Discussion générale

» M. Xavier Bettel (DP).- Här Presi- dent, ech soen lech Merci, mä ech mengen no esou engem komplette Rapport, wéi eis honorabel Kolleejin heibannen, d'Madame Frank, gemaach huet...

(Hilarité)

Ech hu keng Boulette gemaach!

Also, ech wëll hir hei félicitéieren. Ech wëll just soen, dass d'Wichtegkeet schonn eleng vun den Zuele vun nëmme véier 1999 op 14 2005 beweist, dass den Intérêt do ass. Et ass just traureg, dass déi aner Länner och esou laang gebraucht hunn, wann ee weess, dass mir elo déi Éischt sinn, déi dat ënnerschreiwen. Mir hunn eis och Zäit ge- holl, mä mir sinn awer nach ëmmer déi Éischt.

Ech mengen, mir kënnen eis nëmme freeën, fir dësen Text hei kënnen ze stëmmen, och wann ech et elo net genau weess, ob een aus eiser Gemeng eng gefuer ass, Madame Buergermeeschtesch. D'Méiglechkeet wäert och grouss sinn, an esou wäerte mer

op jidde Fall den Accord zu dësem Projet als Demokratesch Partei bréngen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Bettel. D'Madame Dall'Agnol huet d'Wuert.

» **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).**- Jo, Merci, Här President. Ech schléisse mech dann och mengem Virriedner an natierlech och der Rapporteuse un. Ech soen hir och Merci fir dee komplette schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Och meng Fraktioun freet sech, datt mir dat éischt Land sinn, wat dës Konventioun dann haut mat deem Projet de loi kann approvouéieren. An ech géing dann heimat den Accord och vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Madame Dall'Agnol. Als leschte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President. Ech wëll dann och der Rapporteuse, der Madame Frank, Merci soe fir hiren ausféierleche Rapport. An dat mécht mer et dann och einfach, fir ganz kuerz aus grénger Siicht nach e Commentaire ze maachen.

De Service volontaire transnational à long terme ass bestëmmt eng ganz gutt Saach. Et soll e Léierprozess si fir déi jonk Fräiwëlleg, awer och fir déi Leit, mat deene se zesummeschaffen. Zesumme sollen nei Iddien entwéckelt ginn, fir méi Gerechtegkeet an der Gesellschaft an an der Welt ze schafen.

Mat dësem Projet de loi, duerch dee mer eng europäesch Konventioun approvouéieren, ännert sech um Terrain zu Lëtzebuerg eigentlech guer näischt. Dat ass och schonn alles gesot ginn.

De Service volontaire baséiert jo scho bei eis op engem Gesetz vum Dezember 1998. E kuerze Bléck op d'Statistiken, wéi mer se vum SNJ kritt hunn, weist eis, datt d'Envergnung vun dëser ganz positiver Initiativ leider ganz bescheiden ass. A siwe Joer hu ronn 100 Lëtzebuerger Jugendlecher vun esou engem Échange profitéiert a knapp 160 auslännesch Jugendlecher sinn hei op Lëtzebuerg komm - hu mir hei empfaangen.

Déi Gréng sinn der Meenung, dass dës Zuelen ze bescheide sinn. A mir géingen eis wënschen, datt méiglechst vill Jonker nach besser iwwert dëse Service volontaire géingen informéiert ginn an datt duerch méi eng effikass Promotioun duerch d'Servicer vun der Éducation nationale an och vun dem Enseignement supérieur zesumme mam Ministère de la Famille dëse Service nach méi bekannt gemaach géing ginn an nach méi Jugendlecher géingen dovun profitéieren.

Ech ginn dann och am Numm vun der gréngrer Fraktioun eis Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

» **M. le Président.**- Merci, Här Adam. Dann huet d'Wuert d'Madame Marie-Josée Jacobs, Minister zoustänneg fir d'Famill.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Merci, Här President. Ech wëll mech de Virwierder vu menge Virriedner uschlëssen an der Madame Rapporteuse, der Madame Frank, Merci soen: Si hat wierklech in extenso alles gesot a geschriwwen, wat heiriwwer ze soen ass.

Fir eng Kéier freeë mer eis alleguerten doriwwer, datt mer déi Éischt sinn. Ech denken awer, datt dat beweist, datt all Länner an der Zwëschenzäit eege Gesetzgebungen hunn, esou wéi mir zu Lëtzebuerg och, esou datt mer net drop ugewise waren onbedéngt déi hei Konventioun ze hunn. Mä wann ee se ewell eng Kéier ënnerschiwwen huet, soll ee se ratifizéieren, an dofir si mer och frou, datt mer dat haut de Mëtte konnte maachen, am selwechte Moment, wou ech elo deen anere Projet ebe just iwwert d'Reform vun eisem Service volontaire vun 1999 de Mëtte konnt hei déposéieren an hoffen, datt mer deen och méiglechst séier hei an der Chamber kënnen stëmmen.

Merci.

» **M. le Président.**- Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, domat si mer um Enn vun dësem Punkt vum Ordre du jour ukomm a mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5012 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marc Spautz), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Ali Kaes), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Thiel), Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Michel Wolter), Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf (par Mme Marie-Josée Frank), Marco Schank (par M. Lucien Clement), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Glesener), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Alexandre Kriepps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir hunn dann um Ordre du jour eng Aktualitéitsstonn, ugefrot vun der LSAP-Fraktioun, iwwert d'Gewaltuwendung vis-à-vis vun de Fraen. D'Riedezeit ass nom Artikel 78 (2) vum Chamberreglement festgehalten a gesäit deementspreechend Folgendes vir:

Där Fraktioun, déi d'Stonn ugefrot huet, zéng Minutten, deenen anere Fraktiounen fënnf Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Frank, den Här Meisch, d'Madame Err, d'Madame Loschetter an den Här Henckes. Dat heescht, d'Madame Err ass ageschriwwen als Verrieder vun der LSAP-Fraktioun fir dës Froestonn ze presentéieren. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

6. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP au sujet de la violence à l'égard des femmes, y compris la violence domestique

» **Mme Lydie Err (LSAP).**- Merci, Här President.

Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, et ass e bëssen irreführend wéi den Ordre du jour op dësem Punkt libelléiert ass, an dofir wëll ech kuerz erkläre firwat ech déi Heure d'actualité hei ugefrot hunn.

D'Violence géint Fraen, an notament d'Violence domestique, ass natierlech net elo eppes, wat eréischt zënter haut oder gëschter aktuell ass. Mä wat aktuell ass, dat ass, dass d'Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe den nächste Mount eng Campagne lancéiert, wouduerch all Parlamenter, déi an deene 46 Memberstate vum Conseil de l'Europe vertruede sinn, sech engagéieren, am Domän vun der Violence domestique aktiv ze ginn. Duerfir war den Zweck vun där Übung haut dee fir ze kucken, wat mir als Lëtzebuerger Parlament kéinte maachen, fir eisen Engagementer, notament deenen am Conseil de l'Europe, an der Assemblée parlementaire, gerecht ze ginn.

Dat gëtt mer natierlech d'Geleeënheet, kuerz op d'Situatioun zu Lëtzebuerg anzugeen. Fir eng Kéier kënnen mer eis selwer op d'Schëller klappen, well ech denken, dass mir sécherlech fir vill aner Memberlänner exemplaresch dostinn.

Éischstens, well d'Gesetz zréckgeet op eng Initiative parlementaire. Zu enger Debatt vum 8. März hate mir hei eng Diskussioun, wou mer Iddie gesammelt hunn, an am Fong den Accord gesammelt hu vun der Majoritéit, wann net vun der Totalitéit vun de Memberen an dësem Haus, fir d'Regierung

opzefuerderen e Gesetz ze maache géint d'Violence domestique, an zwar nom éisträichesche Modell. An dat war an ass och haut nach, mengen ech, dat Besch, wat et an dëser Matière gëtt.

Mir hunn also net nëmmen eng öffentlech Diskussioun. Mir hunn net nëmmen e Gesetz gemaach, mä mir hunn nach méi gemaach. Dat heescht, de Ministère huet nach eppes méi gemaach wéi dat, wat üblech ass. No engem gudde Gesetz huet en och no zwee Joer oder no annerhallwem Joer evaluéiere gelooss, wéi dat Gesetz an der Praxis zur Uwendung kënnt. Ech mengen, dass dat eng Erfahrung ass, déi ganz kloer weist, dass d'Evaluatioun, ob se dann elo intern oder extern ass, eppes ass, wat utile ass, well et eis erlaabt, eis selwer Zensuren ze ginn an eventuell Amendementer nozeschëssen op deene Punkten, wou mer eis eventuell dem Audit no oder der Evaluatioun no géiert hätten.

Esou mengen ech kann ee soen, dass déi Evaluatioun net nëmmen a sech eng gutt Saach ass, mä dass och d'Resultat vun där Evaluatioun do eigentlech ganz positiv ass, obscho verschidde Saachen an deem Commentaire do dra sinn, déi engem ze denke ginn.

An zwar d'Zifferen, fir unzefänken: Et gëtt gesot, dass an där Zäit, wou evaluéiert ginn ass, 619 Plainté gemaach gi sinn, an dass 316 Expulsiounen ausgeschwat gi sinn, also ordonnéiert gi si vun der Police op der Plaz nom Avis vum Parquet.

Wa mer déi Zifferen kucken, da maachen déi mech bedenklech. A méi bedenklech maache se mech eréischt, well ech vun engem konkrete Fall weess wéi et do gaangen ass, an dass dat eventuell eng Erklärung wär, dass nëmmen an der Halschent vun de Fäll eng Expulsioun aus dem Domicile conjugal virgeholl ginn ass.

An zwar weess ech perséinlech vun engem Fall, wou d'Police geruff ginn ass, wou wierklech Spure vu Violenz do waren, mä wou d'Situatioun sech ganz e bësselche calméiert hat bis dee Moment komm ass, wou d'Police op der Plaz war, a wou d'Police an hirer - wéi soll ech elo soen - Appréciation souveraine, déi normalerweis de Riichter virenthalen ass, decidéiert huet, an hiren Ae wär kee Besoin fir eng Expulsioun.

Or, natierlech war déi Expulsioun den Zweck vun der Übung, well Dir kënnt lech virstellen, dass, egal wien d'Police urift am Fall vun enger Violence, deen eppes Spezielles am Kapp huet: An zwar hält e gäre fir sech selwer a seng Kanner Rou doheem. E ríft se net fir Spaass un der Freed oder fir dass deen Dag drop Gespréichsstoff am Duerf ass.

An deem konkrete Fall huet d'Police sech wierklech vergewëssert, dass den Auteur vun der Gewalt e Beruff hat, vun deem se konnten dovun ausgoen, dass e sech eventuell ze wiere weisst. D'Police wollt sech öffentlech net op eng Diskussioun aloossen. Jiddefalls huet et no deem Incident mat der Police, wou keng Expulsioun op der Plaz virgeholl ginn ass, néng Méint gedauert bis...

(Coups de cloche de la Présidence)

...iwwert déi normal Prozeduren - iwwert d'Gericht - déi Expulsioun do konnt an der Praxis stattfannen.

Wat néng Méint zesummeliewe mat engem violente Partner doheem a mat Kanner am Stot bedeit fir déi Leit, déi doheem wunnen, dat wëssen all déi, déi d'Situatioun kennen aus eegener Erfahrung oder aus Erfahrung vu Leit, déi hinnen nostinn, an dat ass tout court eng Katastroph. Sou dass ech perséinlech aus deenen zwou Zuelen, déi ech lech elo hei gesot hunn, zwou Konklusiounen zéien:

Dass d'Police net nëmme muss evaluéieren, mä gläichméisseg evaluéieren iwwerall am Land, an zwar um Duerf wéi an der Stad, ob d'Circonstancé gi si fir en Éloignement auszuschwätzen. A fir dat ze garantéieren, mengen ech, wier et evident, dass sech ëmmer missten déiselwecht Leit op déi Éloignements- oder op déi Coups-et-blessures-Affairé konzentréieren.

Sollt et dann esou sinn, dass de Spezialist net am Haus ass dee Moment, wou een op d'Plaz geruff gëtt, da kann ee selbstverständlech net soen: Elo waarde mer bis mar. Mä da kann een eventuell d'Décisioun verschiebe bis dee spezialiséierte Member vum Policepersonal erëm Déngscht huet, fir dass esou kloergestallt ass, dass d'Appréciation vun enger Situatioun net ofhänkt vun der Persoun, déi zoufällg op der Plaz ass, mä dass se ofhänkt vun enger objektiver Aschätzung vun enger Situatioun, déi natierlech vu Personal gemaach muss ginn, wat sensibiliséiert, informéiert a forméiert op déi Saachen ass.

Dann ass eng zweet Remarque ze maachen zu deem Gesetz. An zwar, dass den Délai vun zéng Deeg, dee mer kritt hunn an enger éischter Phas, fir Rou am Haus ze kréien, ze kuerz ass. Dat schéngt zweifelsohne de Fall ze sinn da wann e Weekend drafält, an dass et heiansdo da praktesch onméiglech ass de Weekend eng Demande anzereechen, déi nach recevabel ass fir eventuell deen Délai vun deenen zéng Deeg verlängert ze kréien.

Esou dass ech wierklech géing proposéieren, dass mir op eisem Gesetz deen Délai vun zéng op 14 Deeg ausweiden a vläicht och e bësselche méi genee kucke wéi dat ass, dass am ländleche Raum bal keng Éloignement stattfannen. Ob et ass, well d'Situatioun do bedeitend besser ass, oder ass et just, dass d'Appréciation vun den Agenten, déi op d'Plaz feststelle ginn an eng eegen Estimatioun maachen, eng aner ass wéi vun deenen an deene grouse Stied, déi vläicht méi oft mat deem Phänömen an hirem praktesche Liewe konfrontéiert sinn.

En drëtten Punkt, dee schéngt Schwieregkeeten ze maachen, ass d'Tatsaach, dass wann d'Police estiméiert, dass den Auteur vun der Violenz net méi soll an d'Haus erakommen an se em d'Schlëssele freet, se heiansdo d'Schlüsselen net kritt an déi Agenten do keng Méiglechkeet hunn, d'Schlëssele mat Force erauszekréien.

Sou dass ech d'Fro géif an de Raum stellen, ob et net utile wier, einfach an deene Fäll do d'Schlass ze änneren. Ech mengen, dass dat souwéiso e vill bessert Sécherheetsgefill géif gi fir d'Victime vun der Violence, déi am Haus bleift, well souguer wann een ee Schlëssel ofgëtt, garantéiert dat jo net, dass et net nach iergendwou eng aner Kopie gëtt. Ech mengen einfach, aus dem Sécherheetsgefill eraus wier et menger Meenung no gutt, dass dat Schlass géing geännert ginn.

Wat mam Coût vum deem Schlass geschitt, dat sief dann dohinnergestallt, well mir wëssen, dass dat heiansdo kann e Problem duerstellen. Mä ech denken awer och andersäits, dass dat Sécherheetsgefill, wat en neit Schlass gëtt, vläicht och derwäert ass fir sech Gedanken ze maachen iwwer eng aner Approche zu dëser Schlësselsproblematik.

Dann ass et esou, dass eist Gesetz d'Expulsioun nëmme virgesäit bei Ascendant-Descendant am éischte Grad an dass Geschwëster ausgeschloss sinn. Elo schéngt et awer esou ze sinn, dass öfters Brudder, Schwëster oder Kanner vun deeneselwechten an engem Haus zesummeliewen, esou dass d'Fro gestallt ass - an ech mengen, dass et derwäert wier fir doriwwer ganz seriö nozedenken -, ob een d'Expulsioun oder den Éloignement vun deene concernéierte Leit net op d'Schwësteren an d'Bridder soll ausdehnen.

E véierte Punkt ass de Certificat médical, wou engersäits d'Fraisën an de Libellé Problemer schéngen ze stellen. De Libellé ass nach ëmmer an der Maach, obschonn d'Gesetz elo bal zwee Joer ënnerwee ass, an obschonn jo och dee Phänömen vun der Violence domestique virduun existéiert huet. Eigentlech misst et evident sinn, wat op esou engem Certificat misst stoen, fir dass en der Victime eppes hëlleft. Dat ass nach ëmmer net de Fall, esou dass ech denken, dass dat doten eng Urgence wier. Deen zoustänneg Minister - an ech mengen dat wär de Santésministër - misst dozou opzefuerdert ginn e bësselchen Dampf ze maachen, well zwee Joer misst duergoe fir sech eens ze setze wéi e Certificat médical muss ausgesinn, fir dass d'Victime och um Tribunal eppes herno kann domadder ufänken.

De Certificat médical huet iwwregens och en enormen Impakt op d'Procédure de divorce, déi eventuell duerno kënnt. Well am Kader vun der Procédure de divorce pour faute, déi et dee Moment nach gëtt, brauch ee keng Zeie méi ze ruffen, wann een ee Certificat médical huet, aus deem ganz kloer ervirgeet, dass et Coups et blessures ginn ass, esou dass een am Fong hei en duebelen Intérêt huet Neel mat Käpp ze maachen: engersäits fir éischstens emol den Éloignement an engem éischte Stadium ze errechen ouni eng Décision de justice, an zweetens fir am Fall vun enger Schee-